

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

Am Kader vum geplangte Covid-Gesetz huet d'Mënscherechtskommissioun e ganz kriteschen Avis erausgi, wat déi sougenannten Zwangshospitalisatioun ugeet. Déi ass, laut Gesetz, virgesi wann eng Persoun infizéiert ass a refuséiert a Quarantän ze goen. Des Mesure wär mat engem Fräiheitsentzuch gläichzesetzen a géif en déiwen Agrëff an d'Perséinlechkeetsrechter bedäiten.

Zenter 1980 huet Lëtzebuerg e Gesetz dat d'Zwangsaweisung vu Mënsche reegelt. Informatiounen vun der Mënscherechtskommissioun no ass während dem Etat de Crise dorobber zeréckgegraff ginn, eppes wat inakzeptabel wär.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1. Wéi vill Leit sinn zenter dem Gesetz vu 1980 zwangsagewise ginn?
2. Aus wat fir enge Grënn sinn déi Betreffen zwangsagewise ginn?
3. Wéi vill Leit sinn am Laf vum Etat de Crise zwangshospitaliséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten